PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/10/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.

An An der Äntwert op d'Fro n°7163 gouf versprach, dass *"alles dru gesat [géif ginn] fir déi momentan Retarde beim Ausbezuele vun de Primme schnellstméiglech ze reduzéieren, sou dass déi Fro sech an Zukunft net méi stellt."* Ee kompletten Dossier sollt an Zukunft an engem Delai vu maximal 3 Méint traitéiert sinn. Dës Weidere hätt d'Emweltverwaltung 10 weider Posten à durée déterminée zougesprach kritt. Doduerch sollen d'Beaarbechtungszäiten reduzéiert ginn a Stéit hir finanziell Hëllefe schnellstméiglech ausbezuelt kréien.

An der Äntwert op d'Fro n°531 ass ze liesen: "Bei den Demandë fir eng Fotovoltaikanlag déi 2022 an 2023 erakomm si war d'Duerchschnëttswaardezäit fir d'Ausbezuele vun der Hëllef 1 Joer. Dësen Delai konnt rezent op 10 Méint reduzéiert ginn. Beméiunge fir dësen Delai weider ze verkierze sinn am Gaang. Dozou gehéieren
d'Iwwerschaffe vun de Formulairen, d'Ausschaffe vun enger Strategie fir d'Unzuel vun
onvollstännegen Dossieren an Zukunft ze reduzéiere, souwéi d'Optimisatioun vun den interne Prozesser."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, kënnen antëscht an deene genannten 10 Méint traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ginn?

2. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, brauchen nach ëmmer méi wéi déi genannten 10 Méint, fir traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ze ginn?

3. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, brauche manner wéi déi genannten 10 Méint, fir traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ze ginn?

4. Konnt d'Emweltverwaltung déi 10 weider Posten à durée déterminée, déi se zougesprach kritt hat, antëscht all besetzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten